piraten.lu

N° 4067
Entrée le 07.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Verdeedegung & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Iwwerdeems gëtt beriicht, datt d'USA keng Tomahawk-Rakéiten an och keng „Deep Precision Strike"-Waffesystemer (DPS) an Däitschland stationéiere wäerten. Déi aktuell europäesch Systemer, wéi Taurus, hunn nëmmen eng limitéiert Reechwäit a sinn nëmme begrenzt disponibel. Op europäeschem Niveau gëtt d'strategesch Autonomie am Beräich vun der Verdeedegung ëmmer méi wichteg a konkret. Den ELSA-Programm soll an Zukunft hei fir méi Onofhängegkeet suergen, mee déi éischt Kapassitéite sinn eréischt Mëtt vun den 2030er Joren z'erwaarden. .

Och wa Lëtzebuerg net iwwer eege Laangstreckewaffesystemer verfüügt, spillt eist Land eng wichteg Roll am Beräich vun der militärescher Kommunikatiouns- a Satellitteninfrastruktur, déi fir DPS-Systemer ee wichtege Bausteen ass. Lëtzebuerg ka sécherlech Satelittenkapassitéiten bereet stellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung déi ugekënnegt Reduzéierung vun den amerikanesche Militärkapassitéiten an Europa a fir wéi eng Moossnahmen wäert si op europäeschem Niveau ënnerstëtzen?

2. Wéi eng Roll gesäit d'Regierung fir Lëtzebuerg bei der Verdeedegung vun der NATO souwéi Europa?

3. A wéi enger Form wäerten d'Lëtzebuerger Satellitteninfrastrukturen fir den ELSA-Programm agesat ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés